déi Lénk
GEMENG SUESSEM

23. Januar 2018

Un de Schäfferot vun der Gemeng Suessem

Gemäss dem Artikel 13 vum ëmgeännerte Gemengegesetz vum 13.12.1988 an den Artikele 6 a 7 vum internen Uerdnungsreglements fir de Gemengerot, riichten mär fir déi nächst **Gemengerots-Sëtzung (vum 26.01.2018)** folgend **Froen un de Schäfferot**:

1) PAG / "Presentatioun" vum neie PAG (17/01/2018) / Avis vun de Kommissiounen

- No der soi-disant "Présentation du nouveau PAG" vum 17/01/2018 sollen elo déi nei gegrënnte Gemenge-Kommissiounen hiren Avis bis zum 05/02/2018 Februar 2018 ofginn. Wéi sollen déi dat dann elo a knapp 3 Woche maache, wou d'Büro d'Etuden véier Joer (plus 3 Joer vun 2011 bis 2014) gebrauch hunn, fir mat hirem professionellen Knowhow an hirem technesche Wëssen iwwert d'Impakter vun de "Plans directeurs sectoriels, de regionale Masterpläng an dem neien Omnibusgesetz, fir hir "Etude préparatoire", hiren Avis a hir Propositioune kënne fäirdeg ze stellen?

- Wat huet de Schäfferot no den Aarbechtssëtzunge mam Gemengerot an den Avis'e vun de Kommissiounen an deem vum Gemengerot zu de Plans directeurs sectoriels am Joer 2014, u senger Strategie wat den Developpement vun eiser Gemeng ubelaangt, geännert?

- a wéini, a virun allem emol wéi, huet de Schäfferot wëlles de Gemengerot, d'Kommissiounen an d'Bierger adequat am Sënn vun der Bedeelegung beschtméiglechst z'informéieren?

- Oder huet de Schäfferot weider wëlles esou geheimnisvoll NON-"Présentation du nouveau PAG"'en z'organiséieren, wéi dat elo de 17. Januar 2018 am Festsall vun der Gemeng de Fall war, wou d'Gemengeréit an d'Kommissiounsmemberen als net vertrauenswierdeg an onmündeg behandelt goufen, andeems se ermaant goufen, nëmme keng Photo'en dierfen ze maachen?

- Dobäi ass guer keng (geheim) Neierung, respektiv iwwerhaapt emol keng Propositioun fir eng Neierung am PAG gewise ginn... an et ass just op deen ale PAG verwise ginn... Wéi soll een do en Avis huelen?

2) Knauf Isolation

- Stëmmt et, dass d'Firma "Knauf Isolation" schonn eng Kommodo's Prozedur um Instanzewee huet?
- Wat geschitt wann dee Kommodo éieren accordéiert géif a wat fir eng Chancen häett d'Gemeng dann nach fir eng Implantatioun ze verhënneren?
- Wéi steet de Schäfferot iwwerhaapt zu enger weiderer Implantatioun vun esou engem grousse Produktiounsbetrib an eiser Gemeng / zu Suessem?

Merci am Viraus fir är geschätzten Äenfert.
Mat beschte Gréiss,

Myriam Cecchetti
Conseillère déi Lénk

Jos Piscitelli
Conseiller déi Lénk